CAPE
CENTRE DES ARTS PLURIELS ETTELBRUCK



# FILM, NATUR & GESELLSCHAFT

ENG KONFERENZREI IWWER D'RELATIOUN TËSCHENT KINO AN NATUR

**MÉINDEG 21. OKTOBER UM 19 AUER**

## SURVIVAL OF THE FITTEST ? – DÉIEREFILMER VUN 1897 BIS HAUT

VIVIANE THILL

**MÉINDEG 11. NOVEMBER UM 19 AUER**

## ANIMAL REVENGE CINEMA – DÉI MONSTRÉIS SÄIT VUN NATUR AN DÉIER

YVES STEICHEN

**MÉINDEG 16. DEZEMBER UM 19 AUER**

## DYSTOPIEN AN HOFFNUNGSSCHIMMER ? – EKOSYSTEMER AM FILM

STEVE HOEGENER & GILLES NOWIKOW

**MÉINDEG 20. JANUAR UM 19 AUER**

## VU LIICHTTIERM, NIWWEL A MARITIMMEM FOLKLOR – SEASIDE & COASTAL HORROR CINEMA

YVES STEICHEN

**MÉINDEG 24. FEBRUAR UM 19 AUER**

## LOST IN NATURE – D'KONFRONTATIOUN TËSCHENT ZIVILISATIOUN AN NATUR

VIVIANE THILL

**MÉINDEG 17. MÄERZ UM 19 AUER**

## D'VERHÄLTNIS TËSCHENT MËNSCH AN NATUR AM FILM – ENG PHILOSOPHESCH APPROCHE

GILLES NOWIKOW

**MÉINDEG 28. ABRËLL UM 19 AUER**

## "AT WHAT POINT DO WE ESCALATE?" – EKOTERRORISMUS AM FILM

VIVIANE THILL

**MÉINDEG 19. MEE UM 19 AUER**

## INVENTING WORLDS – IMAGINÄR WELTEN AM FANTASY- A SCIENCE-FICTION-KINO

YVES STEICHEN

# FILM, NATUR A GESELLSCHAFT

D'Konferenzrei „Film, Natur a Gesellschaft" riicht sech u jiddereen, deen u Filmer a Serien interesséiert ass. Kino- a Fernseeproduktioune sinn ni wäertfräi oder politesch neutral: Si reflektéieren déi Zäit, an där se entstane sinn, a vermëttelen dacks méi oder manner oppe bestëmmte politesch Messagen oder Positiounen. Am Fokus vun dëser neier Virliesungsrei steet d'Relatioun tëschent dem Kino an der Natur — ob Documentaire, Spillfilm, Serie oder Experimentalfilm, de Kino huet säit jeehier eng zentral Roll dora gespillt, fir d'Natur- an Déierewelt entweeder selwer an Zeen ze setzen, oder der Mënschheet hir Bezéiung dozou ze reflektéieren an ze hannerfroen. Unhand vu sëllege Filmausschnëtter setzen sech d'Conferencieren a Conferencièrë kritesch mat Inhalt a Form vun dëse Filmproduktiounen auserneen a beliichten hire politeschen, historeschen a sozialen Entsteeungskontext souwéi hire filmgeschichtlechen a sozialen Impakt.

*Organiséiert an Zesummenaarbecht mam Centre national de l'audiovisuel (CNA) an dem Zentrum fir politesch Bildung (ZpB).*

Cette série de conférences s'adresse à tous ceux et toutes celles qui s'intéressent aux films et aux séries. Les productions cinématographiques et télévisuelles ne sont jamais dénuées de valeur ou politiquement neutres : elles reflètent l'époque à laquelle elles ont été réalisées et véhiculent souvent, plus ou moins ouvertement, certains messages ou positions politiques.

Cette nouvelle série de conférences se concentre sur la relation entre le cinéma et la nature — qu'il s'agisse de documentaires, de films de fiction, de séries ou de films expérimentaux, le cinéma a toujours joué un rôle central dans la mise en scène du monde naturel et animal, ou dans la réflexion et la remise en question des relations de l'humanité avec celui-ci. À travers de nombreux extraits de films, les conférenciers et conférencières analyseront de manière critique le contenu et la forme de ces productions cinématographiques, tout en éclairant leur contexte politique, historique et social, ainsi que leur impact dans l'histoire du cinéma et sur la société.

*Organisé en coopération avec le Centre national de l'audiovisuel (CNA) et le Zentrum fir politesch Bildung (ZpB).*

CNA

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

MÉINDEG
21.
OKTOBER 2024
UM 19 AUER

VIVIANE THILL

LU

AVEC TRADUCTION SIMULTANÉE EN FR SUR DEMANDE PRÉALABLE, AU PLUS TARD 7 JOURS AVANT LA CONFÉRENCE.

# SURVIVAL OF THE FITTEST ?

## DÉIEREFILMER VUN 1897 BIS HAUT



Déierefilmer si wuel ee vun deene beléiftste Genren op der Televisioun. Och an de Kino komme reegelméisseg opwänneg Produktiounen, déi eis d'Natur an d'Déiere weisen, „sou wéi nach kee se gesinn huet". Mee wéi ass dee Genre entstanen, a wéi huet e sech entwéckelt? Wéi eng Geschichten erzielt en eis? Wéi stellt en d'Natur duer? Wat léiert de Genre eis iwwert d'Déieren, a wéi eng Déiere kréie mer doranner gewisen? Wat seet en eis iwwert eis eege Kultur an iwwert d'Welt, an där mir liewen? An ass iwwerhaapt alles richteg, wat mer an den Déierefilmer gesinn?

## SURVIVAL OF THE FITTEST? – FILMS ANIMALIERS DE 1897 À NOS JOURS

Les films animaliers constituent sans doute l'un des genres les plus populaires à la télévision. Le cinéma propose également régulièrement des productions coûteuses qui nous montrent la nature et les animaux « comme personne ne les a jamais vus ». Comment ce genre est-il né et comment s'est-il développé ? Qu'est-ce que ce genre nous apprend sur les animaux et quels animaux nous montre-t-il ? Que nous raconte-t-il sur notre propre culture et sur le monde dans lequel nous vivons ? Et tout ce que nous voyons dans les films sur les animaux est-il correct ?

MÉINDEG
11.
NOVEMBER 2024
UM 19 AUER

YVES STEICHEN

LU

AVEC TRADUCTION SIMULTANÉE EN FR SUR DEMANDE PRÉALABLE, AU PLUS TARD 7 JOURS AVANT LA CONFÉRENCE.

# ANIMAL REVENGE CINEMA

## DÉI MONSTRÉIS SÄIT VUN NATUR AN DÉIER




*King Kong* (1933), *Godzilla* (1954), *Frogs* (1973), *The Fly* (1986), *Alligator* (1980) *Arachnophobia* (1990) – an der Kinosgeschicht huet déi monstréis Natur säit jeehier eng fest Plaz. Dacks fënnt si hiren Ausdrock iwwer schrecklech Déieren oder Kreaturen, déi entweeder vu sech aus géint d'Mënschheet rebelléieren oder d'Resultat dovu sinn, dass de Mënsch op déi ënnerschiddlechst Manéieren an d'Natur agegraff a se domat verännert huet. Filmer, déi dem Genre vum „Animal Horror Cinema" zougeschriwwe ginn, thematiséieren dës Hybris a reflektéieren domat och eis Attitudë vis-à-vis vu Wëssenschaft a Gesellschaft, vun der Fragilitéit vum Ekosystem a vun der Ongewëssheet géigeniwwer den onkontrolléierbare Säite vun archaeschen Naturkräften.

## ANIMAL REVENGE CINEMA – LE CÔTÉ MONSTRUEUX DE LA NATURE ET DES ANIMAUX

*King Kong* (1933), *Godzilla* (1954), *Frogs* (1973), *The Fly* (1986), *Alligator* (1980), *Arachnophobia* (1990) – dans l'histoire du cinéma, la nature monstrueuse a toujours occupé une place importante. Elle s'exprime souvent par le biais d'animaux ou de créatures horribles qui se rebellent d'eux-mêmes contre l'humanité ou qui sont le résultat de l'intervention de l'homme dans la nature. Les films appartenant au genre « Animal Horror Cinema » traitent de cette hubris et reflètent ainsi nos attitudes envers la science et la société, la fragilité de l'écosystème et l'incertitude face aux côtés incontrôlables des forces naturelles archaïques.

MÉINDEG
16.
DEZEMBER 2024
UM 19 AUER

STEVE HOEGENER & GILLES NOWIKOW

LU
AVEC TRADUCTION SIMULTANÉE EN FR SUR DEMANDE PRÉALABLE, AU PLUS TARD 7 JOURS AVANT LA CONFÉRENCE.

# DYSTOPIEN AN HOFFNUNGSSCHIMMER ?

## EKOSYSTEMER AM FILM



1972 huet de Rapport The Limits to Growth (op däitsch: "Die Grenzen des Wachstums") vum Club of Rome e warnend Bild gezeechent vun der Mënschheet an hirem Afloss op déi natierlech Liewensraim. Säitdeem hunn och ekologesch Dystopien ëmmer méi oft hire Wee op de groussen Ecran fonnt. Meeschtens zeechnen dës filmesch Visiounen en éischter negatiivt Bild vun eiser Zukunft a wëllen hire Public ganz bewosst mat den desastréise Konsequenze vum mënschlechen Ëmgang mat der Natur konfrontéieren. An dëser Konferenz beschäftege sech d'Referente mat de filmeschen Dystopië vun den 1970er Jore bis haut, an analyséieren, wéi de Kino eisen Ëmgang mat der Natur duergestallt huet, a wéi eng Suitten – a Léisungen – presentéiert goufen.

## DYSTOPIES ET LUEURS D'ESPOIR ?

### LES ÉCOSYSTÈMES DANS LE FILM

En 1972, le rapport *The Limits to Growth* du *Club of Rome* a dressé un tableau alarmant de l'humanité et de son impact sur les habitats naturels. Depuis lors, des dystopies écologiques ont de plus en plus souvent fait leur entrée sur le grand écran. La plupart du temps, ces visions cinématographiques dressent un tableau plutôt négatif de notre avenir et souhaitent délibérément confronter le public aux conséquences désastreuses de la manière dont l'homme traite la nature. Dans cette conférence, les intervenants se penchent sur les dystopies cinématographiques des années 1970 à nos jours et analysent, comment le cinéma a représenté notre gestion de la nature et quelles conséquences - et solutions - ont été imaginées.


MÉINDEG
20.
JANUAR 2025
UM 19 AUER

YVES STEICHEN

LU
AVEC TRADUCTION SIMULTANÉE EN FR SUR DEMANDE PRÉALABLE, AU PLUS TARD 7 JOURS AVANT LA CONFÉRENCE.

# VU LIICHTTIERM, NIWWEL A MARITIMMEM FOLKLOR

## SEASIDE & COASTAL HORROR CINEMA



Onheemlech Küstegéigenden an -Dierfer, dat raut Mier, isoléiert Liichttierm, Geeschterschëffer, ural maritimme Folklor a gespenstesch mythologesch Kreaturen: Säit jeehier gi Küsten an oppe Gewässer an der Literatur an am Film als Plaze beschriwwen an duergestallt, wou sech d'Grenzen tëschent der bekannter an der onbekannter Welt vermëschen, iwwernatierlech Kräften a Wiese wierken an d'Isolatioun d'Mënschen an de Wansinn dreift. Vum H. P. Lovecraft senge literaresche Wierker iwwer *The Wicker Man* (1973) an *The Fog* (1980), bis hin zu *Dagon* (2001) a *The Lighthouse* (2019) esouwéi sëllegen anere Filmer analyséiert dës Konferenz d'Representatiounen an d'Theemewelten vu Küstelandschaften a -stied am Kino.

## PHARES, BROUILLARD ET FOLKLORE MARITIME

### SEASIDE & COASTAL HORROR CINEMA

Depuis toujours, les côtes et les eaux libres sont représentées dans la littérature et le cinéma comme des endroits où les frontières entre le monde connu et le monde inconnu se confondent, où des forces et des êtres surnaturels agissent et où l'isolement rend l'homme fou. Des œuvres littéraires de H. P. Lovecraft à The Wicker Man (1973) et The Fog (1980), en passant par Dagon (2001) a The Lighthouse (2019) et de nombreux autres films, cette conférence analyse la représentation des paysages et villes côtiers au cinéma.

MÉINDEG
**24.**
FEBRUAR 2025
UM 19 AUER

VIVIANE THILL

LU
AVEC TRADUCTION SIMULTANÉE EN FR SUR DEMANDE PRÉALABLE, AU PLUS TARD 7 JOURS AVANT LA CONFÉRENCE.

# LOST IN NATURE

## D'KONFRONTATIOUN TËSCHENT ZIVILISATIOUN AN NATUR



Spéitstens zanter de 70er Joren an den éischten ekologesche Beweegungen interesséiert de Kino sech fir d'Relatioun tëscht dem Mënsch an der Natur. Filmer wéi *Deliverance* (1972), *Cast Away* (2000), *Grizzly Man* (2005),oder *The Revenant* (2015) stellen d'Fro vun der Konfrontatioun tëscht Natur an Zivilisatioun, andeem se hir Protagonisten an d'Wüst, respektiv an de Bësch oder op einsam Insele schécken a kucke, wéi se do eens ginn. Wéi gëtt d'Natur awer an deene Filmer duergestallt, a wéi de Mënsch? An enger Zäit, an där munnecher d'Mënschheet ganz wëllt vun der Natur trennen, erënneren dës Filmer eis drun, wou mer hierkommen a stellen am Endeffekt d'Fro vun eisem Iwwerliewen.

## LOST IN NATURE

### LA CONFRONTATION ENTRE CIVILISATION ET NATURE

Au plus tard depuis les années 1970 et les premiers mouvements écologiques, le cinéma s'intéresse à la relation entre l'homme et la nature. Des films comme *Deliverance* (1972), *Cast Away* (2000), *Grizzly Man* (2005) ou *The Revenant* (2015) posent la question de la confrontation entre nature et civilisation en envoyant leurs protagonistes dans le désert, dans la forêt ou sur des îles désertes afin d'explorer comment ils s'en sortent. Comment la nature et l'homme sont-ils représentés dans ces films ? À une époque où certains voudraient séparer complètement l'humanité de la nature, ces films nous rappellent notre origine et posent en fin de compte la question de notre survie.


MÉINDEG
**17.**
MÄERZ 2025
UM 19 AUER

GILLES NOWIKOW

LU
AVEC TRADUCTION SIMULTANÉE EN FR SUR DEMANDE PRÉALABLE, AU PLUS TARD 7 JOURS AVANT LA CONFÉRENCE.

# D'VERHÄLTNIS TËSCHENT MËNSCH AN NATUR AM FILM

## ENG PHILOSOPHESCH APPROCHE




De Mënsch gesäit sech oft als getrennt - oder detachéiert - vun der Natur un. Hien (oder hatt) hëlt sech wouer als isoléierten Organismus, deen an eng friem Welt placéiert gouf, an en Environnement, deen hie konfrontéieren a kontrolléiere muss - oft mat fatale Konsequenze fir déi natierlech Ëmwelt. An dëser Konferenz wäerte mir eis op eng philosophesch Aart a Weis mat der Relatioun tëschentt dem Mënsch an der Natur befaassen, an analyséieren, ob de Mënsch an dës Welt komm ass, oder selwer aus hir entstanen ass.

## LA RELATION ENTRE L'HOMME ET LA NATURE DANS LE FILM

### UNE APPROCHE PHILOSOPHIQUE

L'homme se considère souvent comme séparé - ou détaché - de la nature. Il (ou elle) se perçoit comme un organisme isolé, placé dans un monde étranger, dans un environnement qu'il doit confronter et contrôler - souvent avec des conséquences fatales pour le milieu naturel. Dans cette conférence, nous aborderons la relation entre l'homme et la nature de manière philosophique et nous analyserons si l'homme est venu dans ce monde ou s'il en est lui-même issu.

MÉINDEG
**28.**
ABRËLL 2025
UM 19 AUER

VIVIANE THILL

LU

AVEC TRADUCTION SIMULTANÉE EN FR SUR DEMANDE PRÉALABLE, AU PLUS TARD 7 JOURS AVANT LA CONFÉRENCE.

# “AT WHAT POINT DO WE ESCALATE?“

## EKOTERRORISMUS AM FILM



Als Ekoterroriste gi Mënsche bezeechent, déi illegal Mëttel benotzen, fir d’Natur ze schützen oder fir op d’Destruktioun vun der Ëmwelt opmierksam ze maachen. Mee wärend Terroristen net eréischt zanter 2001 am Kino dacks d’Roll vun deene Béisen iwwerhuelen, sinn Ekoterroristen nach éischter seelen a meeschtens och vill méi komplex duergestallt. Filmer, déi Ekoterroristen als Personnagen hunn, verhandelen Theme wéi Responsabilitéit, Moral, sozial Ongerechtegkeet, Gewalt an d’Zukunft vun der Mënschheet. Se gehéieren och zu den nach rare Filmer, déi sech mat der Klima- an der Biodiversitéits-Kris ausernee setzen an no Weeër sichen, dës am Kino duerzestellen.

## “AT WHAT POINT DO WE ESCALATE?“

### ÉCOTERRORISME DANS LE FILM

Les écoterroristes sont des personnes qui utilisent des moyens illégaux pour protéger la nature ou pour attirer l’attention sur la destruction de l’environnement. Les films avec des écoterroristes comme personnages abordent des thèmes tels que la responsabilité, la morale, l’injustice sociale, la violence et l’avenir de l’humanité. Ils font également partie des films encore rares qui traitent de la crise climatique et de la crise de la biodiversité et qui cherchent des moyens de les représenter au cinéma.

# INVENTING WORLDS

## IMAGINÄR WELTEN AM FANTASY- A SCIENCE-FICTION-KINO

MÉINDEG
**19.**
MEE 2025
UM 19 AUER

YVES STEICHEN

LU

AVEC TRADUCTION SIMULTANÉE EN FR SUR DEMANDE PRÉALABLE, AU PLUS TARD 7 JOURS AVANT LA CONFÉRENCE.



Säit sengen Ufäng war de Kino als audiovisuellt Medium a Konschtform ëmmer nees mat der Fro konfrontéiert, wéi sech Landschaften a Welten um groussen a klengen Ecran duerstelle loossen, déi esou net oder net méi an der Realitéit existéieren – vu prehistoreschen, fantasteschen oder mythologesche Welte bis bei friem Planéiten an ausserierdesch Ekosystemer. An der Konferenz gi mir der Fro no, wéi de Kino am Laf vu senger Geschicht dës erzieleresch Erausfuerderung gemeeschtert huet a wourun ee sech bei der Gestaltung vu fiktive Welten am Fantasy- a Science-Fiction-Kino inspiréiert huet.

## INVENTING WORLDS

### DES MONDES IMAGINAIRES DANS LE CINÉMA DE FANTASY ET DE SCIENCE-FICTION

Depuis ses débuts, le cinéma a toujours été confronté à la question de la représentation à l’écran de paysages et de mondes qui n’existent pas ou plus dans la réalité - qu’il s’agisse de mondes préhistoriques, fantastiques ou mythologiques ou de planètes étrangères et d’écosystèmes extraterrestres. Cette conférence aborde la question de la manière dont le cinéma a surmonté ces défis narratifs ainsi que des sources d’inspiration du cinéma de fantasy et de science-fiction.

# INTERVENANT·E·S

## VIVIANE THILL

Viviane Thill (1962) leitete bis Ende 2023 die Abteilung Film-TV des *Centre national de l'audiovisuel* (CNA) in Düdelingen und fungierte dort auch als Produzentin. Darüber hinaus ist sie unter anderem Filmkritikerin (derzeit für die Zeitschrift *forum*, wo sie auch den Blog *forum_C* betreibt), Mitautorin eines Buches über Oliver Stone (Hrsg. Rivages, 1996) und Drehbuchautorin (*Perl oder Pica*, Pol Cruchten, 2006; *Eng nei Zäit*, Christophe Wagner, 2015).

Viviane Thill (1962) était responsable du département Film-TV du *Centre national de l'audiovisuel* (CNA) à Dudelange jusqu'en novembre 2023 et y était aussi productrice. Elle est par ailleurs, et entre autres choses, critique de cinéma (actuellement dans la revue *forum* où elle anime également le blog *forum_C*), co-auteure d'un livre sur Oliver Stone (éd. Rivages, 1996) et scénariste (*Perl oder Pica*, Pol Cruchten, 2006 ; *Eng nei Zäit*, Christophe Wagner, 2015).

## GILLES NOWIKOW

Gilles Nowikow ist Lehrer im Wiltzer *Lycée du Nord* auf den Klassen der berufsvorbereitenden Stufen (voie de préparation, VP). Daneben ist er mehrere Stunden pro Woche freigestellt, um im Bereich der Filmbildung für das *Centre national de l'audiovisuel* (CNA) zu arbeiten.

Gilles Nowikow est enseignant au *Lycée du Nord* de Wiltz et y encadre des classes de la voie de préparation (VP). Parallèlement, il est déchargé plusieurs heures par semaine pour travailler dans le domaine de l'éducation à l'image au cinéma au *Centre national de l'audiovisuel* (CNA).

## YVES STEICHEN

Yves Steichen, geboren 1983 in Luxemburg, ist Historiker mit Schwerpunkt auf Film- und Kinogeschichte, und arbeitet seit 2015 für das *Centre national de l'audiovisuel (CNA)* in Düdelingen. Er leitet dort seit 2023 die Filmabteilung und ist daneben für die Programmation des *Ciné Starlight* und für Fortbildungen mitverantwortlich. Steichen ist Autor mehrerer Publikationen (u.a. *Utopia. Une passion pour le Septième Art*, 2017 und *Thierry van Werveke*, 2018), schreibt Filmkritiken für *forum_C* und hält daneben regelmäßig filmhistorische Vorträge.

Yves Steichen, né en 1983 au Luxembourg, est historien spécialisé dans l'histoire du film et du cinéma, et travaille depuis 2015 pour le *Centre national de l'audiovisuel* (CNA) à Dudelange. Il gère depuis 2023 le département du film et est également coresponsable de la programmation du *Ciné Starlight* et des formations continues. Steichen est l'auteur de plusieurs publications (notamment *Utopia. Une passion pour le Septième Art*, 2017 et *Thierry van Werveke*, 2018), écrit des critiques de films pour *forum_C* et donne régulièrement des conférences sur l'histoire du cinéma.

## STEVE HOEGENER

Steve Hoegener, geboren in Esch/Alzette, hat Germanistik und Geschichte an der Uni Trier studiert. Nach der Lehrerausbildung arbeitete er als Deutschlehrer an Sekundarschulen sowie in der Erwachsenenbildung (INL). Seit 2017 ist er Mitarbeiter am *Zentrum fir politesch Bildung* (ZpB), wo er zum Redaktionsteam der pädagogischen Broschüren *duerchbléck! – Politik verstoen* und *e bléck op* gehört. Zudem verfasst er Filmhefte zu Luxemburger Produktionen für die Streamingplattform *Films4Schools*. Er organisiert und hält regelmäßig Filmkonferenzen sowie Fortbildungen zu Filmpädagogik.

Steve Hoegener, né à Esch/Alzette, a fait des études de germanistique et d'histoire à l'Université de Trèves. Après sa formation d'enseignant, il a exercé comme professeur d'allemand dans des lycées ainsi que dans la formation des adultes (INL). Depuis 2017, il travaille au *Zentrum fir politesch Bildung* (ZpB), où il fait partie de l'équipe de rédaction des brochures pédagogiques *duerchbléck! – Politik verstoen et e bléck op*. Il rédige également des dossiers pédagogiques sur les productions luxembourgeoises pour la plateforme de streaming *Films4Schools*. Il organise et anime régulièrement des conférences sur le cinéma ainsi que des formations à l'éducation au cinéma.

# INFOS & TICKETS

**LANGUE : LU**
avec traduction simultanée en FR sur demande préalable, au plus tard 7 jours avant la conférence

**TARIFS**
**Entrée libre**

**FORMATION ADULTE**

Les participants peuvent s'inscrire à l'année dans le cadre de la formation des adultes et peuvent ainsi obtenir, avec un taux de présence minimum de 70 % (soit 6 séances), un certificat de participation établi par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (inscription possible sur place lors des 3 premières conférences). Cette inscription est facultative et les conférences peuvent évidemment être suivies individuellement et sans inscription.

Certaines de ces conférences sont répertoriées dans le catalogue des formations de l'IFEN, offrant ainsi au personnel enseignant la possibilité de s'inscrire directement via leur plateforme. Pour plus d'informations et le lien d'inscription, veuillez consulter le site www.cape.lu.

Le CNA et le ZpB peuvent aussi émettre des certificats de participation pour les conférences non répertoriées dans le catalogue de l'IFEN.



CENTRE
DES ARTS
PLURIELS
ETTELBRUCK

Ettelbréck
VILLE D'ETTELBRUCK

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

INFOS & RÉSERVATIONS
2681 2681
WWW.CAPE.LU